


LES SACRIFIÉS

Bulletin officiel du comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé



30.9.2007

„Vergießt äis nët“

1 2008
Janvier
48^e année

D'Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten an de *Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé* hun et als hir Flicht ungesin, fir op eng wiirdeg Manéier un de 65. Joeresdag vun der Zwangrekrutéierung z'erënnere. Niewt der September-Sonnernummer vum „Sacrifiés“ iwer dest Evenement, mat ënner anerem de remarquablen geschichtswissenschaftlechen Bäitrag vun den Hären HOHENGARTEN an HEIDERSCHEID, wëlle mer duefir an deser Nummer nach eng Kéier d'Feierlechkeeten vum 30. September 2007 Revue passéieren, an deems mer op verschidden markant Punkten vun deem Dag, a speziell vun der akademischer Sëtzung am Conservatoire agin.



Foto: Guy Jallay / d'Wort

Während der feierlecher Pontifikalmass, konzelebréiert vum Erzbischof Mgr Fernand FRANCK zesummen mam Doumpropst André HEIDERSCHEID an dem Kathedralspaschtouer Joseph MORN, assistéiert vun den geeschtlchen Matbridder – a selwer och Zwangsrekrutéiert – Michel BEHM, Robert BROSIUS, Camille

CLAUS, Norbert SCHRAM a Georges VUILLERMOZ, huet den Abbé HEIDERSCHEID, wéi gewinnt, op eng treffend Manéier de Kalvarieberg vun den Joergäng 1920-1027 skizzéiert an op déi exemplarisch Haltung a moralesch Stäip vun der Grande-Duchesse CHARLOTTE higewisen.

No der Zeremonie um Kanounenhiwel, bei där de Grand-Duc HENRI a Präsenz vum Chamberpresident Lucien WEILER, vum Premierminister Jean-Claude JUNCKER a vun aneren Autoritéiten aus Politik a Gesellschaft Blummen virum Monument vun der Nationaler Solidaritéit niddergeluecht huet, war et dann déi imposant

Akademisch Sëtzung am Conservatoire

déi, sou wéi och schon um Kanounenhiwel, musikalesch vun der Garnisounsmusik ënner der Direktioun vum Alfred KAYSER encadréiert gouf.

Usproch vum Jos. WEIRICH, President vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten

Altesse Royale,

et as fir mech eng grouss Éier, lech hei am Numm vun allen Uwiesenden an och a mengem Numm respektvoll ze begréissen an lech merci ze soen fir Är Präsenz un desen Erënnerungszeremonien vum fatalsten Dag viru 65 Joer.

Duerch Är Präsenz weis Dir, dass och vun Ärer Säit di Leit déi während dem 2. Weltkrich hiert Liewen riskéiert haten an an den Doud gange sin, net vergies sin. Dir weist och de jonke Generatiounen, dass dese Souvenir héich gehale muss gin. Während all deene Joeren, wou Äre Papp, de

Grand-Duc Jean, deen och vun eiser Generatioun ass, un der Spëtzt vum Land stung, huet Hien mat Häerz um Schicksal vun den ongléckleche Joergäng 20 bis 27 deel geholl, a sech mat hinnen och Affer vun de Suiten vum Nazi-Iwerfall gefillt.

Mä et leit mir ganz speziell um Häerz, och un Är Groussmamm, d'Grande-Duchesse Charlotte ze errënneren. An den Entrevuën mat den Elteren vun onsen onglécklechen Komerodinnen a Komeroden wéi och mat „Ons Jongen“ huet ee gespuert, dass hei e Mammenhäerz hir Suergen verstanen huet. Och Hirt Verspriéchen, sech perséinlech un de Stalin ze wenden an em seng Hëllef ze biéden fir Noriichten iwer d'Letzebuerger ze kréien déi an déi preisesch Wehrmacht gezwonge waren, ass mat grousser Dankbarkeet respektvoll unerkannt

gin. Et war en Trouscht an eng Hoffnung, un déi sech des gepréiften Familien geklamert hun.

Här Chamberpresident,

Här Staatsminister,

Här Éierstaatsminister,

Här Erzbischof,

Här Vertriéder vum Här Stater Buergermeeschter,

Exzellenzen,

wäert Éieregäscht,

Dir Dammen an dir Hären,

Komerodinnen a Komeroden,

als President vun den Zwangsrekrutéierten sin ech géiert, iech all hei respektvoll an häerzlechst ze begréissen. Awer vrun allem iech merci ze soen, dass dir duerch är Präsenz ënnersträcht, dass d'Affer vum

fatalsten 30. August 1942 net vergiess sin. Als Verrieder vun den héichsten Autoritéiten weis dir, dass och nach no 65 Joer de Wäert vun de Sacrificen fir eist Land net ze ënnerschätzen waren, net sin an och an Zukunft héich gehale mussen gin. Et war ëmmer eng grouss Suerg vun den Iwerliwenden aus dem Inferno vum 2. Weltkrich, dass d'Undenken un déi Onglécklechen net erhale bleiwt oder net richtig oder no an no verblatzt. Et dierfen dach déi Letzebuenger net vergiess gin, déi de Courage haten, sech géint den Okkupant ze wieren. Déi de Risiko op sech geholl hun, verschleeft ze gin, a Prisongen agespart, Hab a Gudd ze verléieren, awer de Wee „Heim ins Reich“ net fräiwellech matzegoen. D'Letzebuenger déi sech net nazifizéieren geloss hun, sollen bluddeg fir hirt Behuele gestroft gin. Hier Kanner sollen duerch d'Zwangsanzéiung an den deutschen Militärdingscht un de geféirlechsten Krichsfronten verbluden. Hir Familien oder Frënn a Bekannten déi hinnen hëllef sech desem Rekrutement z'entzieren, gin aus Letzebuerg eraus an den Osten deportéiert, a Prisongen oder Konzentrationslager gestach. Vill hun des Schikanen net iwerlieft oder goufen als Resistenzler oder Passeuren erschoss. D'Jongen hu missen hier Calvaire untrieden, sin un de Krichsfronten gefall, a Gefangelageren ëmkommen, a Strofkompagnien gestach gin, als Refraktären erschoss gin. Och Meechercher, an den Arbechtsdengscht gezwongen, sin a Bombardementer leie bliwen. All dat dierf net vergiess gin, wéi an der Vergangenheit, net an der Zukunft.

An dofir si mir iech fir är Prezenz bei den heitegen Kommemorationsfeieren äusserst dankbar. Dankbar onser Regierung a Chamber, déi gesetzlech festgeschriwen hun, dass de Souvenir un den Enrôlement forcé an déi entspriechend Dokumentatioun erhale bliwen. Dankbar och Iech Här Chamberpresident, deen als Rapporteur d'Valeur von dësem Gesetz ënnersträiche wollt. Dankbar allen weltlechen a kirchlechen Verrieder déi Kommemorationszeremonien organisieren a mat derbei sin. Dankbar onse Medien, déi ëmmer ërem drun erënne-

ren a kommend Generatiounen drop opmierksam machen, dass dank dem Asatz, dem Courage a Widderstand vu Letzebuenger ons Heemecht ërem fräi an onofhängeg konnt gin. An deem Sënn geet och eise Merci un d'Hären André Hohengarten a Marcel Heinen, déi mat hirem Film „Letzebuerg August-September 1942, E klengt Vollék wiert sech“ eng wäertvoll Arbecht an Dokumentatioun geschafen hun, déi mir iech elo weisen.

Merci.

Dee Film, deen de President WEIRICH ugekënnigt huet an du gewise gouf, as en dokumentarisch Meeschterwierk a verdengt op deser Plaatz nach eng Kéier e grouse Merci un déi zwee Auteuren säitens der Federatioun vun den Zwangsrekrutierten an dem Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé. All Respekt och fir de Grupp NAMASTÉ fir seng wäertvoll Mathëllef an deem Film, e Grupp, dee sech iwrigens nit fir d'éischt all Eier mecht, fir un d'Affer vum 2. Weltkrich z'erënnere.

Dem jonken Charel DE BOURCY seng Prestatioun um Piano huet nom Film de ganzen Auditoire a Staunen versaat. Seng Interpretatioun vum Spozalisio aus den Années de Pèlerinage vum Franz Liszt war geprägt vu Sensibilitéit an Dynamik. Bravo fir déi Leeschtung!

Referat vum Professor Gilbert TRAUSCH

65 ans après: l'enrôlement forcé dans la perspective de l'histoire

Quand mon ami Guy de Muysen m'a demandé, au nom du président de la «Fédération des Enrôlés de Force» et de la présidente du «Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé», de faire le discours de circonstance pour le 65e anniversaire de l'enrôlement forcé par l'occupant allemand, ma première réaction fut celle de répondre par la négative, décidé que j'étais de ne plus faire de conférences publiques. Deux facteurs m'ont

fait changer d'avis, les instances amicales des uns et des autres, mais avant tout la conscience que j'ai de la dimension extraordinaire de cette question dans l'histoire de la Seconde Guerre mondiale vue de Luxembourg. L'enrôlement forcé de la jeunesse en 1942 a non seulement ému, scandalisé, mais encore touché la grande majorité de notre population. Peu de familles qui sont passées à travers les mailles du filet tendu par le Gauleiter. Un de mes cousins n'est plus revenu de Russie, mon (futur) beau-frère a pu profiter – quelle chance! – d'une permission pour se cacher dans le pays. Adolescent, j'ai vécu le dilemme que cette mesure inique – véritable Verbrüchen un eiser Jugend, dixit André Heiderscheid – a imposé à plus de 10.000 de nos familles. J'ai bien fait comprendre aux représentants des enrôlés de force que je parlerais en tant qu'historien, selon les règles de l'art, ce qui n'exclut nullement la compassion pour le calvaire de ces jeunes victimes.

Qu'est-ce qui s'est passé en 1942?

Le 30 août 1942, le Gauleiter décrète la conscription pour plusieurs classes d'âge de jeunes Luxembourgeois (il y en aura huit en tout). L'annonce n'est pas tout-à-fait une surprise, tant l'introduction du Reichsarbeitsdienst l'avait laissé prévoir. Il n'empêche, elle a pris la population de court, ce qui explique le caractère largement spontané des protestations dès le lendemain. Grève générale, grande grève? En tout cas grève du peuple luxembourgeois dans toutes ses composantes.



Foto: Albert Kirchen

Le Gauleiter lui-même en convient, à sa manière, dans une allocution aux cadres de la Volksdeutsche Bewegung (VDB) le 13 septembre 1942: «Irgendein minderwertiges Subjekt, vielleicht ein Psychopath, ein sonst geistig Minderbemittelter, stellt ein Flugblatt her. Er ruft darin zum Streik auf. Seinen Namen und seinen Wohnort gibt er nicht an. Auch seinen Beruf verschweigt er. Wahrscheinlich übt er gar keinen Beruf aus. Er wird vom Feind und seinen Agenten bezahlt und ist damit selbst ein Feindagent. In seinem Schmierzettel stellt er die ebenso kühne wie unbewiesene Behauptung auf, die ganze Bevölkerung vertrete solidarisch seinen Standpunkt. Tatsächlich findet er leichtgläubige Tore, die auf seinen Schwindel hereinfliegen.» Le Gauleiter insiste, pour les besoins de sa cause, sur la préparation du mouvement (Flugblätter, bezahlte Feindagenten). En admettre le caractère essentiellement spontané l'aurait trop exposé aux critiques de Berlin.

La répression est sanglante, sans aucune mesure avec les faits, le caractère pacifique des protestations, comme en témoigne le beau film de Marcel Heinen et André Hohengarten. La fiction du «deutsches Aufbauwerk in Luxemburg» a explosé, d'où cette répression féroce: 21 condamnations à mort après un simulacre de procès, 125 personnes remises à la Gestapo (direction vers une prison ou un KZ). Plus de 300 adolescents (290 élèves des lycées et de l'Ecole normale et 40 apprentis des ateliers de la sidérurgie) sont transférés en Allemagne pour y être «rééduqués». Ces jeunes, pas encore adultes, avaient compris la gravité et la signification de l'heure.

A retenir tout particulièrement un aspect de la répression qu'on néglige parfois dans le contexte de la grève, la „Emsiedlung oder Deportation“. Il s'agit d'une purification ethnique du Luxembourg que l'occupant, faute de moyens, n'a pu mener à bonne fin. 30% de la population devaient être transplantés dans le Generalgouvernement (région de Lublin, est de la Pologne), préalablement vidé des populations polonaises. «Seuls» 4.000 Luxembourgeois seront déportés, faute

de moyens de transports, non pas en Pologne, mais en Silésie.

La signification de l'enrôlement forcé

Dans ces quatre longues années d'occupation nazie (mai 1940 à septembre 1944 et même au-delà pour le nord du pays) la date du 31 août 1942 est une césure. Il y a un avant et un après. Certes, il n'y a pas de doute sur les dispositions d'esprit de la grande majorité des Luxembourgeois. Lors du recensement de la population (10 octobre 1941) dont les Luxembourgeois on fait un «referendum», ils laissent entrevoir leur attachement à leur petite patrie. Mais ils l'on fait dans le secret de la famille, face à un formulaire comportant trois questions piégées. Comprenant le refus des Luxembourgeois de se reconnaître allemands, le Gauleiter décommande l'opération à la dernière minute et peut ainsi sauver la face. Tel ne sera plus le cas avec les protestations du 31 août 1942. Elles représentent un désaveu cinglant de sa politique. Désormais ce dernier perd toute retenue. Les condamnations à mort vont se multiplier. En fin de compte 791 Luxembourgeois seront exécutés par les nazis.

Dans l'enjeu que constitue l'enrôlement de force tout dépend de l'attitude de la population luxembourgeoise. Vaut-elle laisser faire? Baissera-t-elle les bras, consciente de son impuissance? Loin de se résigner, elle s'engage. Comment expliquer autrement qu'un tiers des jeunes enrôlés se soustrait effectivement au service militaire? (L'historien se doit de dire qu'un nombre non négligeable de jeunes se sont portés volontaires pour servir sous l'uniforme allemand. L'histoire du Luxembourg au cours des années 1940-1944 ne peut s'écrire en noir et blanc. Entre les deux se situe une zone grise, hantée d'ambiguïtés de toutes sortes). Un chiffre en dit long: les réfractaires et les déserteurs représentent un bon tiers de ceux retenus par les autorités allemandes pour l'enrôlement (3.510 sur 10.211). Environ 2.000 se cachent dans le pays ou plutôt y sont cachés, malgré toutes les sanctions annoncées par le Gauleiter: les familles des jeunes réfractaires

déportées; le KZ pour ceux qui les cachent; le tribunal militaire pour les réfractaires pris.

Deux mille jeunes cachés dans un pays aussi petit, sans massif montagneux et sans de vastes forêts propices au «maquis»; dans un pays étroitement contrôlé par la Gestapo. C'est là un véritable exploit que seule la complicité et la connivence de la masse de la population ont rendu possible. Qu'on imagine les difficiles problèmes de ravitaillement alors que la nourriture est strictement rationnée? Maintenir au calme, c'est-à-dire discipliner des jeunes d'une vingtaine d'années, n'est pas toujours facile. Cette solidarité active avec ses jeunes, voilà le véritable titre de gloire du peuple luxembourgeois en ces années noires. Tout cela ne doit pas faire oublier que l'engagement actif dans la résistance reste, nécessairement on serait tenté de dire, réservé à une minorité. Le célèbre homme (et femme) de la rue opte facilement pour une attitude d'attente. C'est dans ce contexte qu'interviennent les journées des 30 et 31 août 1942. Face à l'enrôlement de force la population est amenée à annoncer la couleur. Désormais aucun flottement n'est plus possible. Une attitude de résistance passive prend le dessus. Devant le Standgericht le sang luxembourgeois a coulé en abondance. Du sang versé pour la jeunesse luxembourgeoise et donc pour l'avenir du pays.

Pas une goutte de sang luxembourgeois n'a coulé au cours de la Première Guerre mondiale, sous l'occupation allemande. (Il est vrai que l'occupant d'alors a plus ou moins respecté les règles du droit international et n'a pas directement menacé l'attachement des Luxembourgeois à leur patrie). L'écrivain et journaliste Batty Weber a écrit en 1916 dans ce contexte des mots significatifs: «Wir waren niemals auf den Ernstfall trainiert. Die Eventualität, daß einer von uns mit seinem Leben für etwas eintreten müßte, lag uns so fern, daß wir sie belachten. Wir sind uns nie bewußt geworden, daß Blut ein besonderer Saft ist.» Quelle aurait été la position morale et diplomatique du Luxembourg au lendemain de la

Seconde Guerre mondiale, si aucun Luxembourgeois n'avait risqué sa vie et payé le prix pour la survie de son pays?

Une comparaison avec l'Alsace et la Lorraine (germanophone) ne manque pas d'intérêt. Le conscription y a été introduite au même moment. Là aussi la population était hostile. Là les enrôlés de force s'appellent les «Malgré nous». Mais il n'y a eu aucun sursaut spontané de la population. Ni manifestations publiques, ni grèves. C'est que les Alsaciens et Lorrains se sentent abandonnés par leur Etat qu'est toujours en droit la France de Vichy avec le maréchal Pétain en tête. Tel n'est pas le cas des Luxembourgeois. Leur gouvernement est en exil à Londres (et à Montréal), c'est-à-dire s'est placé clairement dans le camp des Alliés. S'y trouve également la figure symbole de l'indépendance du pays, la Grande-Duchesse Charlotte, grande autorité morale aux yeux des Luxembourgeois sous la botte allemande. Sur les ondes de la BBC elle trouve les mots justes pour s'adresser aux Luxembourgeois en général et aux enrôlés de force en particulier. La comparaison avec l'Alsace est encore éclairante sous d'autres aspects. Au Luxembourg les classes d'âge de 1920 à 1927 ont été appelées sous les armes, alors qu'en Alsace de nombreuses classes antérieures à 1920 ont été incorporées. Les tergiversations du Gauleiter au Luxembourg s'expliqueraient-elles par la grève de 1942? Celle-ci aurait non seulement une inestimable signification morale, mais aurait encore épargné de nombreuses vies.

Le long combat des enrôlés de force pour leur reconnaissance

Au lendemain de la Libération (10 septembre 1944) les enrôlés se sentent discriminés par rapport aux autres victimes du régime nazi, tant sur le plan moral que matériel.

Commençons par la discrimination morale. Dans les milieux de la Résistance on insiste sur le fait qu'ils ont porté un uniforme abhorré, «*déi falsch Uniform*». De fait, ils auraient combattu les Alliés, c'est-à-dire ceux qui

ont, en fin de compte, rétabli l'indépendance du pays. Sous cette forme le reproche n'est pas «*fair*», car il ne tient pas compte du terrible dilemme auquel ces jeunes se voient confrontés. Refuser l'uniforme haï et par-là exposer parents, frères et sœurs à la déportation, c'est-à-dire à un avenir très incertain? Se cacher? Encore faut-il en avoir l'occasion. Tous ne se sont pas vu offrir une cachette. Profiter d'une permission pour déserteur? Beaucoup n'ont pas eu cette chance.

Il y aura donc à partir de 1945 des frictions entre les organisations de la Résistance, la LPPD «*Ligue vun de politische Prisonnier an Déportéierten*» et la ligue «*Ons Jongen*», plus tard la «*Ligue des réfractaires et déportés militaires*». Le titre même de cette dernière ligue montre bien qu'elle ne laisse pas les résistants créer la division entre les réfractaires d'un côté et ceux qui ont porté, contraints et forcés, l'uniforme allemand. Pour la ligue ces derniers sont aussi des déportés qu'on qualifie de militaires à l'égal des déportés à la fois politiques et civiles. Les résistants refusent évidemment ce rapprochement. Pour eux les enrôlés de force ne sont pas des victimes patriotiques. Aussi s'opposent-ils à ce que le titre de «*morts pour la patrie*» soit accordé aux enrôlés de force tombés sous l'uniforme allemand.

Le 25 octobre 1947, les enrôlés de force ont organisé une manifestation de protestation en portant des calicots avec l'inscription «*Mir si keng Preisen*», allusion aux soupçons que certains résistants font peser sur eux. Ce genre d'insinuations les a profondément blessés, mais a aussi cimenté leur unité. Pendant plusieurs décennies ces controverses pénibles, difficilement compréhensibles pour les jeunes générations d'aujourd'hui, ont empoisonné périodiquement le débat public. Il est indispensable de les replacer dans le contexte de l'après guerre au cours duquel la Résistance est en position de force. Avec le recul elles n'apparaissent guère comme un chapitre de gloire des séquelles de la guerre.

La discrimination matérielle porte sur les indemnités accordées par la loi de 1950 sur les dommages de guerre.

C'est une affaire complexe qui mériterait une étude à part. Limitons-nous à l'essentiel: les enrôlés de force ne sont pas mis sur le même pied que les KZler, les déportés et les maquisards. Certes, le dommage corporel encouru par les enrôlés est reconnu et dédommagé. Pour le reste ils reçoivent un indemnité forfaitaire qui paraît plutôt mince et qui ne tient pas compte, à l'encontre des victimes patriotiques, des pertes de salaire ou du calcul des années perdues pour le calcul de futures pensions. Les enfants des enrôlés de force tombés au front ne sont pas reconnus «*pupilles de la nation*».

Dans tout cela il importe de tenir compte de la position difficile du gouvernement de l'époque. L'ensemble des dommages de guerre est estimé en 1949 à 24 milliards de francs, somme énorme pour l'époque. Impossible de contenter tout le monde. Les enrôlés en feront les frais. De par leur grand nombre une indemnisation appropriée aurait coûté cher, trop cher selon les estimations du ministre des Finances. S'y ajoute le fait que les enrôlés sont tous des jeunes qui ont encore la vie devant eux.

Quelles que soient les circonstances, les enrôlés se sentent frustrés tant matériellement que moralement. Commence alors leur long combat contre certaines dispositions de la loi de 1950 ressenties comme injustes, un combat qui ne trouvera son dénouement qu'au bout de trente ans par les lois de 1981.

La longue lutte pour la reconnaissance

Dans ce long combat que les enrôlés de force engagent avec une ténacité peu commune, le traité germano-luxembourgeois de 1959, qualifié par les Luxembourgeois de «*Wiedergutmachungsvertrag*», constitue une étape capitale. Le dossier est compliqué à souhait. L'accord de Paris (1946) sur les réparations avait fixé la quote-part du Luxembourg à 0,15% du montant total à exiger de l'Allemagne. L'accord de Londres sur les dettes allemandes (1953) prévoit un moratoire pour les dettes de réparation jusqu'au

règlement définitif par un traité de paix, traité qui ne viendra jamais.

La République fédérale est moralement prête à payer des indemnités, non des réparations, aux «victimes du nazisme». Mais au cours des négociations la délégation allemande refuse ce titre aux enrôlés de force. L'indemnisation se fera sur la base de la législation allemande. Les victimes du nazisme (KZler, juifs, déportés) sur la base du Bundesentschädigungsgesetz, les enrôlés sur celle Bundesversorgungsgesetz, c'est-à-dire sur le pied de ce qui est dû aux soldats allemands, blessés ou mutilés (22 million de DM).

Cette solution est évidemment inacceptable pour les enrôlés de force, car elle les assimile aux soldats allemands et reviendrait presque à donner à la mesure du Gauleiter un semblant de légalité. Devant l'intransigeance de la délégation allemande, le gouvernement, soucieux de régler d'autres différends (frontière, séquestre, sécurité sociale, double imposition etc.) et de normaliser ses relations avec le puissant voisin, doit passer par les fourches caudines allemandes. L'Allemagne craint qu'en cédant aux demandes luxembourgeoises, elle ouvrirait une boîte de Pandore pour d'autres revendications (les 130.000 enrôlés alsaciens et lorrains, les 8.000 des cantons de l'Est en Belgique et des intéressés d'autres pays).

Les enrôlés de force ne se résignent pas. Face à l'intransigeance allemande ils s'adresseront à leur gouvernement. Ce dernier est réticent. Il rechigne à rouvrir un dossier difficile. Face à la pression des enrôlés de force, réorganisés depuis 1960 dans la «Fédération des enrôlés de Force et Victimes du Nazisme» sous la direction de Jos Weirich, le gouvernement fait quelques concessions (lois de 1967 et 1974) qui règlent des cas de rigueur sans aborder le problème de fond: les enrôlés de force sont reconnus victimes du nazisme, mais pas victimes patriotiques. Le titre de mort pour la patrie leur est reconnu non par la loi mais par un arrêté ministériel, c'est-à-dire par la porte de derrière. Face au refus des gouvernements P. Werner et G. Thorn d'aller plus loin dans la solu-

tion du problème, les enrôlés de force décident en désespoir de cause de participer aux élections législatives de 1979 en présentant leurs propres listes dans toutes les circonscriptions électorales. A la surprise générale ils obtiennent 7% du vote et deux députés à la Chambre. A ce moment-là P. Werner, revenu au pouvoir, décide de prendre le taureau par les cornes. Pour lui il s'agit de régler définitivement, du moins sur le plan luxembourgeois, un problème qui divise la société luxembourgeoise. Deux lois (1981) apportent l'apaisement. L'une règle des cas de rigueur non réglés par les lois antérieures, l'autre va au fond des choses: les enrôlés de force se voient reconnaître le titre de victimes patriotiques et bénéficient de l'égalité d'indemnisation. Les discriminations inscrites dans la loi de 1950 sont levées. Enfin!

En marge, abordons un reproche que les enrôlés de force ont adressé pendant de longues années au gouvernement en exil ainsi qu'aux gouvernants de l'après-guerre, celui de ne pas avoir assez fait pour les prisonniers de guerre luxembourgeois, notamment pour ceux détenus en URSS. Le reproche était à l'époque largement répandu. Le gouvernement en exil, par la force des choses, coupé des réalités du pays occupé, n'a sans doute pas pris toute la mesure du drame humain en train de se dérouler. Il y a eu certainement au lendemain de la guerre des paroles et des gestes maladroits. Les archives attestent toutefois les efforts faits en faveur des prisonniers retenus en l'Union soviétique. L'ambassadeur du Luxembourg à Moscou, René Blum, a multiplié ses démarches, mais s'est heurté aux arcanes de l'administration russe et surtout au peu de poids de notre pays sur le plan diplomatique. Le Luxembourg de 1945 était loin d'avoir la visibilité internationale de celui du début du XXIe siècle. Le gouvernement luxembourgeois propose à l'URSS de conclure un accord bilatéral sur le rapatriement des personnes civiles déplacées par les Nazis et des prisonniers de guerre luxembourgeois. Il propose comme modèle celui que l'URSS a signé avec la Belgique. La réponse est déconcertante et en dit long: le

nombre des Luxembourgeois concernés ne serait pas assez important pour justifier pareil accord. L'URSS décourage de même l'envoi d'une mission militaire luxembourgeoise en Russie et en Pologne.

Deux exemples montrent que le gouvernement grand-ducal est allé très, très loin dans ses démarches pour ramener ses compatriotes de Russie. Il s'agit, en fait, de deux affaires d'échange. Moins d'un mois après la Libération et deux mois avant l'offensive dite de von Rundstedt dans les Ardennes, l'idée surgit dans les milieux des parents des jeunes enrôlés qui commencent à s'organiser, de proposer à l'Allemagne nazie d'échanger les Allemands et les Luxembourgeois ayant accepté la nationalité allemande et incarcérés au Luxembourg contre les Luxembourgeois dans les camps de concentration et les Luxembourgeois servant encore dans l'armée allemande. Idée parfaitement irréaliste et irréalisable dans les circonstances de l'époque. Pourtant pour montrer sa bonne volonté le gouvernement luxembourgeois adresse un mémorandum au général Eisenhower en ce sens. Bech a rendez-vous avec le général Jones, mandaté par Eisenhower, qui lui fait comprendre que pareille initiative serait vaine, ce à quoi Bech s'attendait sans doute.

La deuxième affaire d'échange se présente à la fin de la guerre. Le gouvernement grand-ducal intensifie ses contacts avec les autorités russes pour le rapatriement des prisonniers luxembourgeois. Il a en effet appris en mai 1945, par des voies détournées, que plusieurs centaines de Luxembourgeois se trouveraient dans le camp de Tambov. Leur rapatriement tarde cependant. Le gouvernement soviétique invoque des problèmes logistiques pour proposer finalement un échange des prisonniers et travailleurs forcés (Zwangsarbeiter) russes au Luxembourg contre les Luxembourgeois de Tambov. La plupart de ces Russes ne souhaitent pas rentrer en URSS, devinant ce qui les attendait là-bas. Pareilles tractations ont été proposées par les Soviétiques aux autres gouvernements occidentaux. Les uns ont accepté, p.ex. la Grande-Bretagne,

la Belgique et le Luxembourg, d'autres ont refusé ces marchandages, comme la France et les Pays-Bas. Le gouvernement luxembourgeois ayant donné son accord en juin 1945, les Tamboviens rentrent fin septembre-octobre.

La lutte contre l'oubli

De toutes les souffrances de la Seconde Guerre mondiale, celles des *Ons Jongen*, comme on a longtemps appelé les enrôlés, pèseront le plus dans la formation de la mémoire collective des Luxembourgeois, ne serait-ce que par le nombre des familles directement concernées. Leurs associations, la «Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de force» en tête, ont entretenu la flamme du souvenir.

Le Monument de la Solidarité nationale au Kanounenhiwel est le symbole de cette lutte contre l'oubli. Comme son nom l'indique, il honore l'ensemble des Luxembourgeois qui ont été solidaires dans leur volonté de maintenir l'indépendance de notre pays. Il rappelle le sacrifice des uns et des autres, des résistants comme des enrôlés de force. Ils représentent en fait les deux faces d'une même médaille. Avec le recul les controverses de l'après-guerre peuvent paraître mesquines, mais elles illustrent à la fois la complexité des questions que la guerre a imposées à nos familles au cours de ces quatre années difficiles et la difficulté de les interpréter par la suite.

Un souvenir doit être entretenu avec soin s'il doit perdurer. C'est en premier lieu la tâche des enrôlés eux-mêmes et de leurs familles et en second lieu celle des autorités, c'est-à-dire du gouvernement et des communes. Le gouvernement a pris en 2005 les dispositions adéquates en créant le soubassement institutionnel nécessaire: le «Centre d'Etudes et de Documentation sur l'Enrôlement forcé». Comme son nom l'indique, il doit rassembler la documentation afférente et la rendre accessible à tous les intéressés et par là encourager les études historiques; le «Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé». Son appellation définit bien sa mission. L'âge venant pour les enrôlés, ce sont

leurs enfants et petits-enfants qui doivent perdre le relais.

Une distinction est essentielle. Commémorer l'enrôlement forcé est un acte de piété patriotique. L'étudier est un acte de méthode critique historique. Il est essentiel que les enrôlés s'en rendent compte et l'acceptent.

De tous les actes de guerre qui ont frappé le Luxembourg, c'est l'enrôlement forcé qui a imposé au peuple luxembourgeois les sacrifices les plus lourds: 2.850 d'entre eux n'ont pas revu leur patrie. Aujourd'hui il n'y a pas de village, pas de ville, pas de quartier de la capitale qui n'ait son monument à la mémoire de la «génération sacrifiée». Voilà le rappel d'un passé douloureux. Voilà une mémoire en pierre qui tiendra tête à l'oubli.

—————
Ee vun den ergräifendsten Momenten während der Séance académique war wuel wéi d'Liz LOUIS, Schülerin am Lycée Robert Schuman, op eng magistral Art a Weis dat Gedicht virgedroen huet, wat den fréiere Minister an Ambassadeur Lambert SCHAUS 1943 am Exil geschriwen huet a wat op déifgrënneg Manéier d'Haaptelementer vun eiser Heemecht erëm get:

Wât d'Hêmecht ass (*)

(*) Originalschreiwweis

Wât d'Hêmecht ass, dât huet ê soss
Sech kêmons vill gefrôt.
Et wor och blo'ss dem Lentz sei Lidd,
Dât d'Aentwert drop gesôt.
E Kant, dât bei der Mamm um Scho'ss
Sech duckelt an den Arm
Dât frêt och net firwât et do
So' hêmlech ass a wârm.

Ma wie verbannt ass vun dohêm,
Denkt iwer villes nô;
A lânge Nuechten o'ni Schlôf,
Do stellt ê sech de' Frô.
Durch Tré'nen do geseit ê klôr -
A Biller eng ganz Mass
Ersti vrun ons we' eng Visio'n
Vun dêm wât d'Hêmecht ass.

Ons Hêmecht: d'ass dât wâremt Haus,
An dêm mer hu gelieft,
Et ass de Gârd ann 't ass de Bôsch,
Dê mir so' oft durchstrief.

Et as sonst Duerf mat weide Bann,
Ons stolz a prächteg Stât.
Et ass de' hêmlech Bänk am Park
Ann 't ass de klenge Pâd.

Ons Hêmecht: d'ass dê grosse Krês,
Dên ons Familljen hêscht,
Dên ons verbonnen ass durch d'Bludd,
A me' nach durch de Gêsch.
Et sin de' Frönn, de' zo' ons stin
Am Sturem we' am Glêck.
't ass d'Mêdchen, dât den Himmel dre't
A sengem dé'we Blêck.

Ons Hêmecht: d'ass der Mamm hîrt Grâf,
Op dât se biede gin;
't sin all de', de' den e'wge Wê
Virun ons gânge sin.
't sin de' vun dène mir geîrt
Wât wo'er, sche'n a gudd;
't sin all de', de' d'Hêmechtstrei bezuelt
Matt hirem wârm Bludd.

Ons Hêmecht: d'âss ons Mammesprôch
Mat hirem deft'ge Klank;
't ass vum Gehânsbîrg bis zur Schmëtt,
De feirege Gesank.
Et ass dem Lentz sei Lidd vum Lant,
fir dât mer alles ge'f;
Et ass de Renert ann den Dicks,
't ass d'Lidd vum Ro'de Le'f.

Ons Hêmecht: dât âss d'Freihêtsle'ft,
De Glâwen un e Recht,
Et ass den Hâss ge'nt alles dât,
Wât falsch ass a wât schlecht.
't ass d'Toleranz ann
d'Mênschlechkêt,
't ass d'Hëllef an der No't,
't ass d'Hâle wât ên huet versprach,
't ass d'Trei bis an der Do't.

Ons Hêmecht: d'âss den Här um Kreiz,
't ass onsen âle Glâf,
Dât ass, wa vrum Votivaltor
Mer kne'e fir d'Oktav.
't ass d'Le'ffrâchen ann d'Greinskapell,
't ass de Pilatusbîrg,
't ass d'Bildchen, 't ass zi' lechternach,
Dem Wilibrord seng Kîrch.

Ons Hêmecht: dât âss ons Geschicht,
't ass d'Sigfridsschlass um Bock,
De Blanne Jang, de Klôppelkrich,
De Letzeburger Tock
't ass d'Gölle Frâ matt hirem Kranz,
't ass Hinzert, d'Autosbunn,
't ass all dât Lêt, dât am Exil
Ons Leidd ze droen hun.

*Ons Hêmecht: d'âss de' dâper Frâ
Matt hirer Schmierzenskro'n,
De' an dêm schwe'ersten Ablêck
Gerett huet Lant ann Tro'n.
Trennt ons vun hir och Lant a Mîr -
Ons Hierzer sin hîrt Schllass.
Si ass de liewege Symbol
Vun dêm, wât d'Hêmecht âss.*

Oberkratzau 1943

Aus: Lambert SCHAUS „Lidder aus dem Exil“
(St. Paulus-Drëckerei 1945).

A sengem uschlëssende Message huet de Premierminister Jean-Claude JUNCKER den Zwangrekrutéierten säi Respekt ausgedréckt, well si duerch hir Liéwensleeschtung an engem entscheidende Moment vun eiser Geschicht eng grad sou entscheident Roll gespillt hun an hinnen duefir awer hire Jonktem geklaut gin as. Weider huet hien dervir gewarnt, sech a Mësselen zwëschen Krichsaffergeneratiounen ze verléieren an sou d'Glafwiirdegkeet vis-à-vis vun den nofolgenden Generatiounen op d'Spill ze setzen. Et soll een éischter di lescht Stroph vun eiser „Heemecht“ zum Programm machen an op dee fräie Geescht, vun deem doran Rieds as, opbauen; op där Basis hätt en Dag wéi den 30. August 1942 ni méi eng Chance!

Dest war d'Essenz vum Staatsminister sengem Message, fir deen d'Zwangsrekrutéiert him séier dankbar sin.

Schlusswuert vum Marie-Anne THOMMES, Presidentin vum C.D.S.E.F.

*Altesse Royale,
Här Chamberpresident,
Här Staatsminister,
léif Éiregäscht,
léif Enrôlés de Force,*

*Dir erlabt dat ech zum Ofschloss vun
dëser beandrockender Stonn nach e
puer kurz Wierder un lech riichten. A*

*ganz besonnesch well ech lech,
Monseigneur, e waarme Merci soen
datt Dir haut de Mëtteg bei äis komm
sidd. Et ass fir d'Enrôlés de Force eng
grouss Éier, mee virun allem eng
grouss Freed, well Äer Presenz ass fir
sie de Beweis, dat den häerzleche
– an a schwéiere Stonnen, liéwens-
wichtege – Kontakt den sie mat Äerer
Groussmamm, an duerno mat Äerem
Papp haaten, och mat lech weider
besteet.*

*An da well ech och eisem Staats-
minister e ganz besonnesche Merci
soën fir seng Wierder. Wéi kaum en
aneren brengt hién et fäerdeg,
d'Gefiller vun de „Jongen“ an de
„Meederchen“ auszedrecken, well sie
ganz einfach vun Häerz kommen.
Duefir, Jean-Claude Juncker, e grouse
Merci fir déi wertvoll Ënnerstützung,
déi sech awer nët nëmmen durch
Wierder mä och durch Handelen aus-
dréckt. Haut leien d'Geschécker vum
Land an den Hänn vu Leit, déi an
enger Period vu Fridden gebuer an
opgewues sin.*

*A wann et och kengem vun äis
wäerd gelengen, am déifsten vum
Häerz nozefillen, wéi d'Stëmmung
deemols am Land war a wat an all
Eenzelne virgang ass, wéi hien mat
dem grausamen Befehl vum Enrôle-
ment forcé konfrontéiert gin ass, da
wollte mir dach mat dëser Zeremonie
eis Dankbarkeet an eise Respekt vis-
à-vis vun lech, léif Enrôlés de Force,
zum Ausdrock brengen, well Dir hut
an deenen däischtere Stonnen vun der
Nazidiktatur de Kapp duergehal an eis
Lëtzebuerger Identitéit verdeedegt, an
esou hut Dir äis zu dem gemaach wat
mir haut sin.*

*Wa mir bei Geleënheete wéi dëser
ee Moment stëll gin, komme ganz
secher bei jiddferengem vun lech vill
verschidde Gefiller héich, Ënnerungen
un déi eegen Geschicht, awer och un
déi vill Komeroden, déi d'Chance nët
méi haaten zreck ze kommen oder déi
all ze fréi un de Folgen vum Krich
gestuerwe sin.*

*Hinnen hut Dir versprach „Mir
vergiëssen lech nët“. Fir lech war dat*

*e ganz eescht Verspriéchen, dem Dir
elo méi wéi 60 Joer trei bliwe sidd.
Haut gët et fir vill vun lech ëmmer
méi schwéier sech ze deplacéieren, fir
zesummen mat all de Komeroden un
déi ze denken, déi nët méi bei lech
sin – an där gin et vu Joer zu Joer
méi.*

*Elo hut dir dëst Verspriéchen an
eis Hänn geluecht. Dëst ass déi éischt
Zeremonie déi de Comité organiséiert
huet. An ech ka soën datt et fir jidd-
feren vun äis eng Häerzensaach
war, säin Deel derzou bäizedroen, se
sou schéin wéi méiglech ze gestalten,
well mir lech domat wëlle weisen, dat
mir bereed sin fir de Fändel ze iwer-
huelen an datt Äert Verspriéchen eist
Verspriéche gin ass: och mir wäerten
nit vergiëssen an de Comité wäert säi
ganzen Deel maachen fir dat Äere
Sacrifice an der Mémoire collective
vun eisem Land liéweg bleiw.*

*Zesumme mam Centre de Docu-
mentation et de Recherche sur
l'Enrôlement Forcé setze mir äis an
fir dene kommende Generatiounen
d'rezent Geschicht vun eisem Land,
d.h. Är Geschicht, esou gutt wéi méig-
lech weider ze gin.*

*Zum Schluss wëll awer och ech all
deene merci soën, déi äis gehollef hun
dësen Dag z'organiséieren.*

*Duefir hun et vill – immens vill –
Hänn gebraucht an et ass einfach
onméiglech jidder eenzelnen merci ze
soen. Vill vun lech sin der haut hei an
duefir lech all e grouse, waarme Merci
fir Äer Disponibilitéit an Äer Gedold,
wa mir nët ëmmer ganz professionel
an eiser Organisatioun waren. Mir hun
och dat als en Zeechen vun Äerem
Respekt vis-à-vis vun den Enrôlés de
Force ugesin.*

*An e puer Minuten sange mer
zesummen d'Heemecht. Mä virdrun
wëll ech lech nach ganz häerzlech op
eng kleng Receptioun invitéieren.
D'Geschicht vun de „Jongen“ ass och
eng Geschicht vun der Komerodschaft.
Duefir wënschen ech äis all nach e
puer komerodschaftlech Momenter
zesummen.*

D'Membere vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé“ stelle sech vir: Arlette LOMMEL

„Ich weiss nicht ob das das Richtige ist; Blut wäscht sich nie wieder aus“ woren d'Wierder vum Nazibuergermeeschter vu Woltz un d'Adresse vum Gestapochef Hartmann nom Standgerichtsprozess, Wieder déi den Gilbert Trausch ons rappeliert huet op der Séance académique bei Geleënheet vum 65. Anniversaire vun der Zwangsrekrutierung.

Wäitsichtig, verantwortungsvoll a couragéiert Bierger brauch Europa, brauch eis Welt an där momentan méi oder manner 30 Kricher oder Konflikter ausgebrach sin an dement-sprechend Blut vergoss gët; Bierger ouni Scheiklappen, och wa Scheiklappen op den Moment bequem kënne sin a berouegen, op Dauer awer ëmmer nees op en Neits dat Schlëmmsten méiglech man. Ons oprëselen, onsen Kanner, denen et dach munch mol reichlech bequem geet, eng Schoul bidden, déi se staark a vigilant mecht, hinne Vertrauen schenkt, hinne weist dass et richtig as, mam Fanger op Ongerechtegkeeten a Machtmëssbrauch ze weisen an dass et sech lount, sech opzelehnen, et sech lount, wann jidferen op senger Plaatz dee klengen Geste mecht deen néideg ass, fir eng mënschewiirdeg Welt z'erhalen, éier et ze spéit ass.

Wat blouf de Jongen a Medercher virun 65 Joer iwreg, wéi se vun den Preisen an den Krich gezwongen goufen? Blouf iwerhaupt nach e Wee aus der Sackgaass eraus? Goufen et net nuren méi oder manner schmierzvoll Leidensweër? Jo, de Wee gouf hinnen einfach ofgeschnidden, d'Loft geholl, hirt Liewen fir ëmmer markéiert.

D'Leed, d'grausam Souveniren bleiwen, keen kann hinnen se weghuelen!

Och wa mir, d'Ierwen aus der 2. an 3. Generatioun, dat Schrecklecht net selwer erliewt hun, kënne mer nawell nofillen, matfillen, mat Schmierz a Léift zrëckkucken a Kraaft an ons spieren, fir ons géint Hypocrisie an Opportunismus, géint all Formen vun Menschenrechtsverletzungen opzelehnen.

Well mer op ons ënner Stëmm lauschteren wëllen,

well mer lech Zwangsrekrutéiert, déi et hu missen matman, dat schëlleg sin,

well mer net dierfen nokucken, wann den Noper ënnerdréckt, gepéngegt gëtt, wann him d'Jugend geklaut gët an e géint sei Wëllen an den Krich geschéckt gëtt,

well mer net fäerten, Ongerechtegkeeten haard ze soen, och wann dat stéiert.

Jo, *duerch d'Tréinen geseit ee kloer*, huet d'Liz Louis ons de leschten 30. September an deem ergräifenden Gedicht vum Lambert Schaus erënnert. Sou kloer soll d'Erënnung bleiwen – de Message därf net verwässeren, mir dierfen net midd gin, Ongerechtegkeeten als solch wouer ze huelen. Mir dürfen och net 65 Joer duerno d'Erënnung verblatzen loossen, Aen, Oueren a Mond verschléissen, och wann et munchmol méi bequem wier!

Kee Wuert iwer de Krich, kee Wuert iwer d'Péng, kee Wuert iwer Ongerechtegkeet, kee Wuert iwer de Streik, kee Wuert iwer d'Zwangsrekrutierung konnt ech méngem Papp op den Lëpsen ofliesen. Haut sin ech him dankbar fir alles wat hien mir vermëttelt huet – ouni Wieder. Vleicht ass et sou, wéi d'Puretëit vun enger

Léift, vun engem Geste, vun enger Aktioun am Beschten kann erhale bleiwen.

„Ent müsse mir wëssen: *Wa gestreikt gët, ersche'ben d'Preisen eng Parti vun eis. Nëmme mir müsse weisen, datt mir net mat déne Verfügungen d'accord sin ... Wa mir vleicht net me' d'Gléck hun, erëmzekommen, dann hu mir iever haut eise Kanner eng Le'er gin, de' sie wahrscheinlech nie vergießen*“ (Célestin Lommel), hun ech am Joss Thein senger Publikatioun geliés (*Gestuerw fir d'Hémecht – De' sechs Weltzer Märtyrer beim Streik vum 31. August 1942*, St. Paulus Dréckerei 1945). – Wieder aus der Eiwegkeet, Wieder déi mech zudéiwst beréiert hun a mech motivéiert hun, mäint wëllen dozou beizedroen, fir dass net vergiess get, wéi a virwat gelidden gouf – fir Fräiheet, Fridden a Gerechtegkeet, fir Demokratie an dem Mënsch seng Dignitéit zrëckzegewannen géint Barbarei an Mënschenrechtsverletzungen.

De *Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé* huet sech verpflichtet, d'Erënnung un d'Zwangsrekrutierung oprecht z'erhalen. Den 25. Juni 2007 hu mir an deem Kontext e speziellen Dag am Memorial zu Hollerech fir Kanner aus dem Uewergrad vun der Primärschoul organiséiert, mat engem Themenrundgang iwer d'Zwangsrekrutierung. Témoignagen vun drei fréieren Zwangsrekrutierten hun d'Kanner zum andächtigen Nolauschteren an Nodenken bruecht; déi Leidensgeschichten wärten si net esou séier vergiessen. En Aarbechtsgrupp krut d'Missioun, och di nächst Joeren, iwer ähnlech Projektdeeg mat Schoulkanner d'Erënnung un d'Zwangsrekrutierung waakreg ze halen.

2007 – Ein arbeitsintensives Jahr für das CDREF

Das *Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé* (CDREF) wird durch das Gesetz vom 4. April 2005 ins Leben gerufen. Das Institut untersteht dem Staatsminister. Seine Hauptaufgabe besteht darin die Geschichte der Zwangsrekrutierung Luxemburger Jugendlicher in die deutsche Wehrmacht zu erforschen und eine diesbezügliche Dokumentation zusammenzutragen und zu archivieren.

Eine wissenschaftliche Aufgabe

Standardwerke gibt es nur wenige. Ausser der zahlreichen Erlebnisberichte von Zeitzeugen, geben auch einige Abschlussarbeiten von Universitätsstudenten einen Einblick in die Komplexität dieser Problematik. Viele Fragen bleiben weitgehend unbeantwortet. Wer Zwangsrekrutierung sagt, denkt meistens an die jungen Luxemburger Männer, die in die deutsche Armee eingezogen wurden. Die Thematik ist aber weitaus breit gefächerter und nur unzureichend bekannt.

Dieses tragische Kapitel Zeitgeschichte beginnt aber bereits im Mai 1941, als junge Luxemburger und Luxemburgerinnen in den *Reichsarbeitsdienst* (RAD) gezwungen werden. Im Laufe der Besatzungszeit werden über 3.600 Frauen in den RAD oder in den *Kriegshilfsdienst* (KHD) einverleibt. Dies ist einer der vielen Aspekte, denen sich unser Forschungszentrum widmen wird. Auch die eigentlichen Entscheidungsprozesse, welche zur Einführung der deutschen Wehrpflicht im besetzten Luxemburg führen, sind nicht ein für alle Mal geklärt. Ebenso beschäftigt den Historiker die Frage nach den so genannten Kriegsfreiwilligen, welche sich vor dem 30. August 1942 dem Dienst an der Waffe für *Grossdeutschland* verschrieben haben. Vergessen wir auch nicht die Kriegsgefangenschaft und die Heimkehr, sowie die Reintegration der Heimkehrer in die Nachkriegsgesellschaft. Dazu gehört auch ihr bemerkenswerter, zeitweilig politisch motivierter Kampf für die Anerkennung der gebrachten Opfer und für angemessene Entschädigungszahlungen.

Ein solches Arbeitspensum will organisiert sein. Dies geschieht in enger Zusammenarbeit mit dem *Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance* (CDRR). In einer ersten Phase geht es nun darum, sich einen Überblick über die aktuelle Quellenlage zu verschaffen. Akten aus der damaligen deutschen Verwaltung finden sich hauptsächlich im staatlichen Archiv. In den kommenden Monaten werden wir uns ein genaues Bild über die Dokumentation vor Ort machen können. Das professionelle Konservieren und Archivieren der uns zur Verfügung stehenden hauseigenen Bestände ist ein Must für unser Bestreben eine überschaubare Dokumentation für die kommenden Generationen zu erhalten. Wir können auch hier auf die Unterstützung und Erfahrung seitens des Staatsarchivs zurück greifen.

Im Inland wird es ebenfalls von Bedeutung sein, sämtliche Zeugnisse (Briefe, Photos, persönliche Gegenstände, Bescheinigungen) zu erfassen, welche in privater Hand sind. Dies gilt auch für die Gemeindearchive oder die Vielzahl an regionalen Museen, Ausstellungsflächen und Sammler. Diesbezüglich haben wir mit unseren Freunden aus dem Düdelinger *Musée régional des Enrôlés de force* bereits konkrete Kooperationspläne. Im Laufe des kommenden Jahres knüpfen wir Kontakte zu ausländischen Archiven. Auch hier ist es wichtig zunächst klar zu stellen, wo und vor allem in welchem Umfang es Aktenbestände gibt in denen von Luxemburger Zwangsrekrutierten die Rede geht.

Unser Institut ist im Begriff, eine umfangreiche Mediathek und Bibliothek zusammen zu stellen. Um die vielen Bücher fachgerecht zu erfassen, streben wir auf diesem Gebiet eine Synergie mit der Nationalbibliothek an. Darüber hinaus können auch Themenbereiche, wie zum Beispiel die Geschichte der Menschenrechte, die Konflikte der jüngeren Geschichte, die aktuellen Krisengebiete durchaus angeschnitten werden. Ich wünsche mir ein lebendiges Zentrum, wo diskutiert und debattiert wird.

Das CDREF soll sich in wenigen Jahren als Archiv etablieren und für Forschungszwecke zugängliche Datenbanken schaffen. Es wird somit zu einer Informationsstelle für alle Belange in Zusammenhang mit der Zwangsrekrutierung. Vom Gelehrten über den Studenten bis hin zum geschichtsinteressierten Bürger kann jeder, der Fragen über die Kriegsjahre im Allgemeinen und die Zwangsrekrutierung im Besonderen hat, hier Antworten finden. Eine Website, welche zusammen mit dem CDRR aufgebaut wird, macht uns auch im Internet für eine breites Publikum „greifbar“.

Eine pädagogische Herausforderung

Seit September 2006 ist der Hollericher Bahnhof nun auch offizieller Sitz eines Dokumentations- und Forschungszentrums über die Zwangsrekrutierung. Künftig geben sich Geschichtswissenschaft und Erinnerungsarbeit hier die Hand. Das CDREF wird in den kommenden Jahren das *Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé* dabei unterstützen, die Erinnerung an eines der dunkelsten Kapitel der Geschichte im kollektiven Gedächtnis der Luxemburger zu bewahren.

Keine Epoche hat das Großherzogtum tiefer geprägt als die Besatzungszeit. Die Bedeutung dieser Ära appelliert an unsere Erinnerungspflicht. Das Abhalten feierlicher Zeremonien, die Errichtung von Denkmälern, das Anbringen von Gedenktafeln, sowie das Einrichten von Gedenkstätten in den vergangenen Jahrzehnten zeugen von unserem tiefen Verantwortungsbewusstsein.

